

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Dezember 2021

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Eng parlamentaresch Enquêtëkommissioun vum Europaparlament ass zur Konklusioun komm, datt déi bestoend EU-Virschräfte fir Déierentransporter aus dem Joer 2005 a verschiddene Länner vun der Unioun net uerdnungsgemäss applizéiert goufen a ginn. Dofir sollen dës Virschräfte an Zukunft reforméiert a verschäerft ginn (Quell: „Transportzeit für Tiere begrenzen“; *tageblatt* vum 3. Dezember 2021).

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

- 1) Kann den Här Minister präziséieren, wéi oft et hei am Land säit Akraafttriede vun de mentionéierten EU-Virschräfte zu Verstéiss géint dës Virschräfte komm ass? Wéi goufen dës Verstéiss sanktionéiert? Ass dru geduecht, dës Sanktiounen an Zukunft ze verschäerfen? Wa jo, a wéi enger Form?
- 2) Ginn et Transportbetriber, déi säit 2005 hir Zouloossung hei zu Lëtzebuerg verluer hunn? Wa jo: Kann den Här Minister erklären, aus wéi enge konkrete Grënn dës Betriber hir Zouloossung verluer hunn?
- 3) Bitt d'Regierung Weiderbildungsname fir d'Personal aus dem Secteur vun den Déierentransporter un? Wa jo, wéi héich ass d'Zuel vun de Participanten un deene Weiderbildungen?
- 4) Iwwer wéi eng Technologien verfüügt d'Regierung, fir d'Duerchsetzung vun de bestoenden EU-Virschräfte fir Déierentransporter ze assuréieren?
- 5) Kann den Här Minister präziséieren, ob d'Regierung sech derfir asetzt, dass an Zukunft déi erlaabten Transportdauer vun Déiere verkierzt, d'Zuel vun den transportéierten Déiere pro Transport reduzéiert an d'Camionen de Bedierfnesser vun den eenzelen Déierenaarte wäerten ugepasst ginn?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen,
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten